RÉCKBLÉCK OP DAT ÉISCHT HALLEFT JOER 2023

# De Buet



De Gemengerot **04**

Opruff Neie Logo fir d'Gemeng **07**

T'ass Kiermes am Duerf **22**

COMMUNE DE KOERICH

# Annuaire communal

**Administration communale de Koerich**
**2, rue du Château L-8385 Koerich**
**288 355 200 / info@koerich.lu / www.koerich.lu**

## Collège échevinal
college-echevinal@koerich.lu

WIRTH Daniel, Bourgmestre
288 355 224 / 621 242 580

WELU Norbert, Échevin
621 276 333

ANDRICH Mary-Jo, Échevine
621 191 212

## Secrétariat communal
secretariat@koerich.lu

LECOQ Patrick
Secrétaire communal
288 355 231
patrick.lecoq@koerich.lu

EPSTEIN Tim
288 355 223
tim.epstein@koerich.lu

## Recette communale
recette@koerich.lu

SCHLUNGS Anne-Marie
Receveur communal
288 355 222
anne-marie.schlungs@koerich.lu

TREINEN Alfred
288 355 235
alfred.treinen@koerich.lu

## Bureau de la Population Etat civil, Service scolaire
population@koerich.lu

CLOOS Monique
288 355 227
monique.cloos@koerich.lu

MAAR Mireille
288 355 228
mireille.maar@koerich.lu

## Accueil
MANGEN Pascale
288 355 229
pascale.mangen@koerich.lu

## Relations publiques
TARANTINI Cindy
288 355 221
cindy.tarantini@koerich.lu

## Service technique
technique@koerich.lu

REBELO Sergio
Chef service
288 355 230
sergio.rebelo@koerich.lu

RODESCH Steve
288 355 220
steve.rodesch@koerich.lu

## Atelier technique
atelier@koerich.lu
Rue de la Montagne, Koerich

LEICHTENBERG Jerry
Chef d'équipe
691 399 202

## Service de médiation
621 426 905
mediation@koerich.lu

## Maison des Jeunes
26 108 309
7, Rue de l'École L-8358 Goeblange

## Garde - Forestier
LOUIS Ben
247 56 540 / 621 202 140
ben.louis@anf.etat.lu

## Ecole centrale
SCHETTINI Damiano
Concierge
288 355 300
damiano.schettini@koerich.lu
1, Neie Wee L-8385 Koerich

## Maison Relais
288 355 348
relais.koerich@croix-rouge.lu
1, Neie Wee L-8385 Koerich

## Agents municipaux
ordrepublic@koerich.lu

## Heures d'ouverture de l'administration

**Lundi, mardi, jeudi et vendredi**
de 8h30 à 12h00
et de 13h00 à 16h00

**Mercredi**
de 13h00 à 19h00

**Nous vous invitons à prendre rendez-vous en contactant directement le service concerné.**

## Interventions d'urgence
en dehors des heures d'ouverture

**Service de régie:**
**691 399 202**

## Comptes bancaires:

**CCPL:** LU71 1111 0077 1350 0000
**BCEE:** LU33 0019 2601 0319 3000
**CCRA:** LU02 0090 0000 0203 1631
**BILL:** LU43 0026 1021 5620 0000
**BGLL:** LU18 0030 4447 5746 0000




## De Buergermeeschter huet en Ouer fir Iech!

all 2ten Samschdeg moies
vun 9.30 bis 11.30 Auer.
ausser während de Schoulvakanzen
ab den 30.09.2023

citoyen@koerich.lu

**D'Sitzunge vum Schäfferot sinn ëmmer Méinden ab 08:30 Auer**

## Le bourgmestre à votre écoute

un samedi matin sur deux
de 9h30 à 11h30
sauf pendant les vacances scolaires
à partir du 30.09.2023

citoyen@koerich.lu

**Les séances du collège échevinale ont lieu tous les lundis à 8h30**

# Den Editorial

## Léif Matbiergerinnen a Matbierger

Fir d'éischt wëll ech deem ale Gemengerot Merci soen fir hir Aarbecht iwwert déi lescht 6 Joer an dem neie Gemengerot vill Chance, Courage an Asaatz wënschen fir déi nächst Legislaturperiode.

Als Buergermeeschter lee'en ech ganz vill Wäert op eng gutt Zesummenaarbecht mam Schäfferot a Gemengerot, mam gesamten Gemengepersonal souwéi mat de Kommissiounen, Veräiner an de Bierger. Kommunikatioun, sief et iwwert perséinlech Gespréicher oder all anere Moyen, ass dobäi primordial a muss an déi 2 Richtungen funktionéieren, dat heescht vum Schäfferot an Gemengerot un all Mataarbechter aus der Gemeng, Kommissiounen, Veräiner a Bierger an och ëmgedréint. Am Mëttelpunkt sti ganz einfach all d'Biergerinnen an d'Bierger aus der Käercher Gemeng.

De Gemengebuet ass fir Käercher Gemeng ee wichtegen Kommunikatiounsmoyen, fir de Bierger:innen matzedeelen, wat déi lescht Méint an eiser flotter Gemeng geschafft ginn ass a wat an nächster Zukunft um Programm steet. De Gemengebuet kënnt 3 mol am Joer raus, de Schoulbuet 1 mol am Joer, alles online an um Pabeier. Berichter vun de Sitzungen vum Gemengerot kommen an Zukunft net méi a de Gemengebuet, mee ginn sou séier wéi méiglech no de Sitzungen verschéckt a sinn och online ze fannen. Berichter vun 2022 an 2023 fann dir online ob eisem Site Web.

Eis Gemeng soll attraktiv a liewenswäert bleiwen, dofir si mir am Gaangen mat plangen fir verschidde Plaze méi schéin ze gestalten. Thema Verkéier a Mobilitéit douce stinn och am Mëttelpunkt. Vum Ministère sollen d'Gemengen an noer Zukunft méi Méiglechkeeten kréien fir dat ëmzesetzen, sief dat ënnert der Form vun "shared space", Spillstroossen an verschidden Cité'en, nei Vëloswee'er an nach aaner Moyens, fir den Verkéier ze berouegen an d'Liewen fir d'Bierger, haaptsächlech fir d'Kanner, manner geféierlech ze gestalten.

Sou, lo lossen ech Iech mat Rou de Gemengebuet duerchliessen. Wann Dir Froen oder Idee'en hutt, dann zéckt net fir Iech bei mir ze mellen.

**Daniel Wirth**

Buergermeeschter vun der Gemeng Käerch

# L'éditorial

## Chères concitoyennes, chers concitoyens

Je tiens tout d´abord à remercier les membres du collège communal sortant pour le travail réalisé les six dernières années et souhaite chance, courage et entrain au conseil communal entrant pour la période législative qui s'annonce.

En tant que bourgmestre, une collaboration étroite et efficace non seulement avec les membres des conseils échevinal et communal mais aussi avec le personnel de la commune de Koerich, les diverses commissions, les différents clubs et les citoyens me tient à cœur. Il s'agira de garantir une communication effective et transparente allant du conseil échevinal aux citoyens en passant par le conseil communal et vice-versa. Les citoyens méritent toute notre attention.

Le bulletin communal est un outil de communication permettant d'informer les citoyens de la commune de Koerich à la fois des projets réalisés et de ceux qui sont en cours. Le bulletin ainsi que les différents rapports seront dorénavant distribués à tout ménage de la commune de Koerich. Le bulletin communal sort 3 fois par an, le bulletin scolaire une fois par an, le tout en ligne et sur papier. Les rapports des séances du conseils communale seront à l'avenir, distribués le plus tôt possible et pourront également être consultés en ligne. Les rapports de 2022 et 2023 sont disponibles en ligne sur notre site Web.

Pour que notre commune reste un lieu où il fait bon vivre, nous nous efforçons d'embellir un certain nombre d'endroits dans Koerich. La régulation du trafic ainsi que la mobilité douce attirent particulièrement notre attention. Le Ministère accordera en effet dans un proche avenir davantage de moyens qui faciliteront la réalisation d'espaces partagés, l'aménagement de rues résidentielles, la création de pistes cyclables, et ce en vue de calmer le trafic au sein des communes et de permettre ainsi aux citoyens, grands et petits, de vivre en toute sécurité.

Je vous laisse lire le bulletin communal où vous trouverez toute information nécessaire. En cas de questions, n'hésitez surtout pas à me contacter.

**Daniel Wirth**

Bourgmestre de la commune de Koerich

# De Gemengerot

2023-2029



**Daniel Wirth**
Bourgmestre




**Norbert Welu**
Échevin



**Mary-Jo Andrich**
Échevine



**Jens Bodenröder**
Conseiller




**Kevin De Oliveira**
Conseiller



**Vanessa Fernandes Cavaco**
Conseiller



**Jessica Fernandez Ramos**
Conseiller



**Eugène Kemp**
Conseiller



**Yves Weyland**
Conseiller

# De Schäfferot

## Répartition des ressorts & compétences



**Daniel Wirth**
Bourgmestre

Administration générale:
Coordination des services, secrétariat, état civil, personnel, relations publiques

Domaines de la commune:
bois communaux  et plantations

Finances communales

Affaires sociales:
Logement social, habitations à caractère social

Travaux publics:
infrastructures, voiries, bâtiments, entretien et urbanisme

Police

Économie et classes moyennes

HIS

ZARO

Gestion ressources énergétiques

Relations intercommunales et nationales



**Norbert Welu**
Échevin

Environnement

Sécurité et prévention:
service de secours, mesures de sécurité dans les bâtiments

Agriculture

Gestion des eaux

Hygiène publique:
enlèvement des ordures et recyclage, nettoyage et voirie

Circulation,Transport scolaires

Pacte-climat ,Alliance pour le climat, Fairtrade

Cimetières

Enseignement

Sports



**Mary-Jo Andrich**
Échevine

Participation citoyenne

Vie associative et bénévolat

Affaires culturelles et tourisme

Maison Relais

Cohésion sociale:
égalité des chances, diversité et jeunesse

Cohésion sociale:
intégration et 3e âge

# Avis
# à la population



## Belegung des Bürgersteigs durch Sträucher, die in dem öffentlichen Bereich ragen.

Die Gemeinde Koerich bittet um Ihre Mitarbeit. Zu dieser Jahreszeit sind Pflanzen und Gartensträucher in Hülle und Fülle gewachsen, oft so, dass der Durchgang von Fußgängern behindert wird.

Es liegt daher in unserer Verantwortung, Sie zu bitten, die Pflanzen und Sträucher in Ihrem Garten so zu beschneiden, dass jene die Fortbewegung von Personen auf öffentlichen Straßen und Bürgersteigen nicht behindern.

*Gemäß dem geltenden Polizeireglement der Gemeinde Koerich.*

## Encombrement du trottoir par les arbustes faisant saillie sur le domaine public

La Commune de Koerich fait appel à votre collaboration. En cette époque de l'année, les plantes et arbustes des jardins ont poussé en abondance, souvent de façon à entraver le passage des piétons.

Il nous appartient dès lors de vous demander de bien vouloir couper les plantes et arbustes de votre jardin de manière à ce qu'ils ne gênent pas la circulation des personnes empruntant la voie publique ou les trottoires.

*Selon le règlement général de police de la commune de Koerich en vigueur.*

# Opruff fir Iddien
# Appel à idées

**Neie Logo Concours fir d'Gemeng Käerch**

**Concours nouveau logo pour l'administration communale de Koerich**



COMMUNE DE KOERICH

D'Gemeng vu Käerch invitéiert hir Bierger hir faarwegst a kreativst Kreatiounen ofzeginn déi kéint als nei visuell Identitéit fir d'Verwaltung déngen.

De Logo gëtt an all üblech Medien benotzt.

**D'Kandidate sinn invitéiert hir Iddien**
**per E-Mail op population@koerich.lu**
**virum 30. November 2023 ze schécken.**

L'administration communal de Koerich invite ses citoyens à soumettre leurs créations qui pourraient servir de nouvelle identité visuelle à l'administration.

Le logo sera utilisié dans tous les supports de médias habituels.

**Les candidats sont invités à soumettre leures idées**
**par courriel à population@koerich.lu**
**avant le 30 novembre 2023**

# On progress

## Verschéinerung vu der Gemengeplaz








## Botzaktioun Kierfecht










## Nouvelle ligne circulaire, complémentaire à la ligne 741

# Ligne 742

### à partir du 10 septembre 2023

## Kleinbettingen - Windhof - Steinfort - Kleinbettingen




Horaire ligne 741

Horaire ligne 742

RGTR

2465 2465

mobiliteit app

mobiliteit.lu

# 18. Februar

**Organisatioun**
Gemeng Käerch zesumme
matt de Gieweler Pompjeeën

Gemeng Käerch

# Buergbrennen 2023

Sonndes, den 18. Februar huet d'Buergbrennen hannert dem Schoulkomplex zu Käerch stattfonnt.

Déi Gieweler Pompjeeën hu mat Après-Ski Musek fir Stëmmung gesuergt an nieft dem traditionelle Gegrills gouf et «Gravlax» mat Crémant.

*Experten no huet d'Wuert **"Buerg"** näischt mat enger "Buerg" am haitege Sënn ze dinn, mä geet op dat laténgescht Verb "burere", also **"brennen"** zréck. Sou geet een och dovun aus, datt d'Traditioun vum Buergbrennen op d'Neijoerschfester am anticke Roum zréckgeet, wou d'Joer mam 1. Mäerz ugaangen ass. Mä och schonn eis Virfaren, déi virun de Réimer hei gelieft hunn, hunn de Brauch vum Buergbrennen och nach géint Enn Februar / Ufank Mäerz als Ofschloss vum Wanter gefeiert. Aneren Interpretatiounen no gouf d'Buergbrenne gefeiert fir d'Gëtter ëm e gudde Karschnatz ze bieden, a Verbindung mat Déierenaffer.*







# 28. Februar

# D'Uniform Iwwerreechung




Fir di offiziell Iwwerreechung vun der neier Uniform ze feieren, huet den Comité vum DT Käerch 1967 all seng Memberen, Spiller, Jugendspiller an hir Elteren den 28. Februar 2023 an Sportshal op Käerch invitéiert. Nodeems den President Marcel Jost jiddereen wëllkomm geheescht huet, war et um David Goelff déi nei Uniform den uwiesende Leit ze presentéieren. Den Design, dee gréisstendeels vum David realiséiert gouf, weist nieft dem Veräinsnumm a Logo'en vun eise Sponsoren als zentraalt Element Kontur vum Käercher Schlass op roudem Hannergrond. Hei kann een och direkt Faarwen vum Veräin erkennen. All Spiller krut seng nei Uniform offiziell vum President iwwerreecht.

Zum Schluss huet den Comité dunn nach en Patt offréiert, an domadder den Owend gemittlech ausklénge gelooss.

Mir soen dem ganzen Comité an virun allem dem David Merci fir déi super Aarbecht, déi si hei geleescht hunn. Ausserdeem wëlle mer och all eise Sponsoren villmools Merci soen fir hiren Support.

DT Käerch





# 17. Mäerz

**Organisatioun**
Gemeng Käerch zesumme
mat der UGDA

Photo Club & Gemeng Käerch

# Auditioun 2023

Freides, de 17. Mäerz war d'Auditioun organiséiert ginn.

D' Käercher Schüler vun deene verschiddene Solfègeklasse Classe de guitares, de Trompette, de Piano, de percussioun & les Classes d'Eveil et de Formation musicale hunn eng kleng Präsentatioun vun deem wat se am Laf vum Joer geléiert hunn, gemaach, a kruten fir hir Aarbecht fir d'Joer 2021 an 2022 vun der UGDA hiren Diplom iwwerreecht.











# Programme Audition 2023

1. **Classe de guitares de M. Schrader Mirko:**

   Ensemble de guitares - 'Girl Power'

   Kol Dodi (Trad. Israel)

   *Nom des l'élèves: Federica Forti, Larissa Graf, Anahita Mandal - Ltg. Mirko Schrader*

   Ensemble de guitares- 'El Greco'

   Vals (Bartolomé Calatayud - 1882 – 1973)

   *Noms des élèves: Angelos Michalopoulos, Georgios Michalopoulos*

2. **Classe de Trompette de M. Daniel Gruselle:**

   «La danse des clowns» de Tijmen Botma

   «Pause Reggae» de Jean Castelain

   *Nom de l'élève: Jeff Valmorbida*

3. **Classe de Piano de Mme Cécile Lequy:**

   Danse of the Irish (N. Faber)

   Anushka (S. Majkapar)

   Danse ancienne (Gnyesina)

   Archie fait son spirituel (S. Allerme)

   Arabesque (F.Burgmuller)

   *Noms des élèves: Tania Magdalenic, Anahita Mandal, Érika Fiadkovich, Alicia Klein, Emma Seres*

4. **Classe de percussioun de M. Kevin Hermann:**

   Four Runner

   *Noms de l'élève: Corentin Moreaux*

5. **Classes d'Eveil et de Formation musicale 1 de Mme Darinka Theissen**

   Fungha Alaffia

   Simamakaa

   Jimba jimba

   Cheerio



# 18. Mäerz

**Organisatioun**
Gemeng Käerch zesumme mam Fierschter Louis Ben

# Brennholz Stee 2023



Dëst Joer ass vun der Gemeng Käerch de Verkaf vum Brennholz mol aneschters ausgefall. Den 18. Mäerz 2023 huet de Fierschter Ben LOUIS eng Brennholzstee organiséiert.

Zum Verkaf stoungen **6 Lousen Laangholz an 55 Lousen un gerassenem Lafholz**, dëst a verschiddenen Quantitéiten. D'Holz koum aus dem Aschlag 2022/23 aus den Käercher Gemengenbëscher. All Awunner aus der Gemeng hat deen Dag d'Méiglechkeet an der Treisch säi Brennholz ze kafen.

No der musikalescher Intro vun den Juegdbléiser, huet de Fierschter d' Erklärungen zum Oflaf vun der Stee ginn. Den Ausriffer Marc Parries huet déi ronn 50 Interessenten wärend den kommenden 2 Stonnen duerch d'Stee geleet.



Duerch e gutt Reegelwierk vum Oflaf vun der Stee sinn déi ufänglech Ängschten ausbliwwen, wéi Beispillsweis, d'Angscht virum ze héijen Steepräisser. **En Duerchschnëttsverkaafspräis vun 70.Euro de Stär** huet bewisen dass deem net de Fall ass.

No der Stee huet d'Gemeng op e Maufel an e Patt invitéiert an d'Juegdbléiser hunn d'Stee ofgeblosen.

Alles an Allem war et ee flotte Moien, wou d'Awunner vu Käerch mat dem gemeinsamen Interessi um Brennholz, zesummen bruecht huet.

De gesellegen Deel, deem dem Fierschter a senger Equippe wichteg war, ass deen Dag ënnerstrach ginn. Jidderee war zefridden a freet sech schonn op déi nächst Stee.

Mirador & Gemeng Käerch

Administration
de la nature et des forêts















# 25. Mäerz

**Konservendousen, Béchsen, Fläschen, Plastikstuten, Pneuen oder Elektroschrott alles wat een nom Wanter am Bësch a laanscht d'Weeër fënnt, gehéiert recycléiert an net an d'Natur!**

# Grouss Botz 2023



Den 25. Mäerz 2023 war nees d'Botzaktioun an der Gemeng. Vill Leit hu sech un der Aktioun bedeelegt an tuteweis Knascht laanscht d'Stroossen, d'Bësch- a d'Feldweeër opgeraf.

**E grousse Merci dofir**

Gemeng Käerch











**Organisatioun**
Gemeng Käerch zesumme
mat der Ëmweltkommissioun










# 31. Mäerz

PacteClimat EUROPEAN ENERGY AWARD
Ma commune s'engage pour le climat

## 11e édition
# Journée Pacte Climat

Ce vendredi 31 mars 2023 a eu lieu la 11e édition de la Journée Pacte Climat sur le site du Domaine Thermal de Mondorf-les-Bains. Cette conférence a été l'occasion de récompenser les 54 communes récemment certifiées et de permettre aux acteurs du secteur de s'informer et d'échanger sur les priorités et l'offre d'accompagnement du programme Pacte Climat.

En présence de la ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, Joëlle Welfring, et du ministre de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire, Claude Turmes, cette onzième édition de la Journée Pacte Climat qui a réuni plus de 200 participants était l'occasion de récompenser plus de la moitié des communes luxembourgeoises pour leurs efforts réalisés au niveau local.

Dans ce cadre, 28 communes ont reçu une certification de niveau 50 % (des points réalisables) et 16 communes de niveau 65 %. Cette année, dix communes ont également reçu une certification internationale de niveau « Gold » (plus de 75 % des points obtenus lors de leur audit).

La ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, Joëlle Welfring, a dit : « Je voudrais exprimer ma gratitude à toutes les communes pour leur engagement en faveur du Pacte Climat. Vos efforts pour promouvoir une transition énergétique durable sont vraiment louables. J'adresse également mes remerciements les plus sincères à Klima-Agence pour son excellent leadership et son soutien technique dans la gestion du projet. Vos contributions ont fait de cette initiative un grand succès. Continuons à travailler ensemble pour un avenir plus durable pour tous ».

Une certification, suite à un audit, permet non seulement de rendre transparent et de valoriser la performance communale en ce qui concerne les 64 mesures du catalogue et de pouvoir bénéficier de subsides supplémentaires, mais aussi d'identifier des potentiels d'amélioration spécifiques à la commune.

Frederik Demecheleer — Gemeng Käerch



Photo Club & Gemeng Käerch

# 02.
# Juli

**Organisatioun**
Gemeng Käerch zesumme
mat der Integratiounskommissioun

# Biergerdag am Schlass

De 2. Juli 2023 war Biergerdag am Schlass wou d'Käercher Veräiner sech virgestallt hunn an et gouf och eng Visite guidée vum Schlass.















**06.**
**Juli**

**Organisatioun**
Gemeng Käerch zesumme
mat der Sportskommissioun

# Sportleréierung

Gemeng Käerch

D'Gemeng Käerch an Zesummenaarbecht mat der Sportskommissioun huet 20 Sportler.innen, fir hir aussergewéinlech Leeschtungen fir d'Saisonën 2019/2020, 2020/2021, 2021/2022 honoréiert.
Nach eng Kéier all eis Felicitatiounen an Encouragement fir déi nächst Saison.






















## 18. & 21. Juli

Gemeng Käerch

# Vereedegung vum neie Schäfferot & Gemengerot



**Den 18. Juli 2023** huet d'Inneministesch den neie Schäfferot vun der Gemeng Käerch vereedegt.

Den Här Daniel Wirth ass an der Funktioun vum Buergermeeschter ernannt ginn an den Här Norbert Welu an d'Madamm Mary-Jo Andrich als 1. an 2. Schäffen.

D'Vereedegung vun den neien Conseiller'en Vanessa Fernandes Cavaco, Jessica Fernandez Ramos, Jens Bodenröder, Eugène Kemp, Yves Weyland a Kevin de Oliveira war **Freides, den 21. Juli 2023**. Krankheetsbedéngt konnt eis 2. Schäffin net dobäi sinn.



**Save the date**

**op der Gemengeplaz**
**13.-17. Oktober 2023**

# T'ass Kiermes am Duerf

**Offiziellen Optakt**
**de 13.10**
**um 19.00 Auer**
*mat der Käercher Musek*



Youth & Work



# Kein Job? Keine Lehre?



Ariane Toepfer

Seit April 2023 unterstützt die **Gemeinde Koerich** gemeinsam mit Youth & Work Jugendliche bei der Suche nach Arbeit und Ausbildung. Youth & Work begleitet Jugendliche bis 29 Jahre solange, bis sie eine Orientierung, eine Ausbildungs- oder Arbeitsstelle gefunden haben. Die Teilnahme ist gratis und freiwillig.

Arbeitslosigkeit kann jeden Jugendlichen treffen: Schulprobleme, Streit, Mobbing, keine Orientierung, Krankheit…

Einmal arbeitslos, beginnt für sie ein Teufelskreis: Ohne Berufserfahrung und Abschluss keinen Job – ohne Job keine Berufserfahrung. So verwundert es nicht, dass viele Jugendliche arbeitslos sind, obwohl sie Arbeit suchen.

Gemeinsam mit dem Coach erkennen sie ihre persönlichen und beruflichen Fähigkeiten und finden Lösungen sowie die zu ihnen passenden Möglichkeiten. Selbst nach langandauernder Arbeitslosigkeit ist das Finden eines Arbeitsplatzes denkbar.

Die aktuelle Jugendarbeitslosigkeit in Luxemburg beträgt 18,5%, davon ist auch die Gemeinde Koerich betroffen.

Insgesamt hat Youth & Work bis heute landesweit über 3.000 Jugendliche begleitet. Dazu arbeitet Youth & Work eng mit Unternehmen, Organisationen und Kammern zusammen.

Du möchtest mehr wissen ?
Lerne uns unverbindlich kennen.

**Terminanfrage:**

**Ariane Toepfer**
**Jugendhaus in Goeblingen**
**7, rue de l'école**
**info@youth-and-work.lu**
**T  621 250 383 oder**
**T 26 62 11 41**
**www.youth-and-work.lu**














# Einweihung des Projektes:





## Reaktivierung der historischen Stauweiher Gemengeweier

SICONA
Naturschutzsyndikat

Mehr als 80% der Feuchtgebiete wurden in der zweiten Hälfte des 20. Jahrhunderts landesweit zerstört. Auch wurden Kleingewässer im Offenland in einem großen Ausmaß verfüllt. Gewässer und Feuchtgebiete beherbergen eine große Artenvielfalt. Sie spielen außerdem eine wichtige Rolle für den Wasserhaushalt der Landschaft. Intakte Fließgewässer und Feuchtgebiete sind zudem eine Voraussetzung für einen funktionierenden Hochwasserschutz.

Die Gemeinde Koerich beteiligt sich seit Jahren an der Wiederherstellung von Feuchtgebieten. So wurden bereits 2017 die zwei alten Stauweiher teilweise reaktiviert. Damals wurden nur die Drainagen entfernt und die Durchbrüche in den Dämmen etwas angehoben. In den Folgejahren etablierten sich im oberen Weiher bereits einige interessante Pflanzenarten der Schlammfluren. Beim unteren Weiher reichte weder die Überschwemmungsdauer noch die Wasserstandshöhe im Winter zur idealen Entwicklung der Vegetation aus.





Auch bei den Vögeln konnten interessante Beobachtungen gemacht werden, die das Potential der Fläche erkennen ließen.

Daraufhin wurden 2022 die Dämme auf ihre historische Höhe angehoben. Im Winter oder bei Starkregen wachsen die Wasserflächen nun auf 15 Ar, bzw. 50 Ar an, bevor sie an den Dammseiten bachähnlich überlaufen. Da das Projekt gezielt Arten der Schlammfluren fördern möchte, soll die Wasserfläche im Sommer relativ klein sein. Hierzu wurde im Damm ein gedrosselter Auslauf eingebaut, was uns erlaubt den Wasserstand im Sommer stark zu verringern. Nicht nur Amphibien, Pflanzen und Vögel auf der Fläche selbst, werden von der Maßnahme positiv beeinflusst, sondern ebenfalls der kleine, sommertrockene Bach Olmerbaach unterhalb. Durch die gedrosselte Leerung des Weihers, bis in den Sommer hinein, wird der Bach über einen längeren Zeitraum mit Wasser versorgt.

Die Gemeinde Koerich und das Naturschutzsyndikat SICONA setzen sich aktiv für die Schaffung von zusätzlichen von naturnahen Feuchtgebieten und Retentionsflächen ein. Das Projekt wurde im Rahmen des Zweiten Nationalen Naturschutzplans PNPN2 von der Gemeinde Koerich durch das Naturschutzsyndikat SICONA, mit der finanziellen Unterstützung des Umweltministeriums, umgesetzt.

SICONA

# Pflege der Naturschutzflächen in der Gemeinde Koerich durch SICONA

Zu den wichtigsten Aufgaben des Naturschutzsyndikats SICONA gehört die Pflege zahlreicher Naturschutzflächen. Dabei handelt es sich zum Beispiel um artenreiche Feuchtwiesen, Wegränder und Streuobstwiesen, aber auch um Stillgewässer, die SICONA anlegt und deren ökologische Qualität langfristig aufrechterhalten werden soll. Es sind meistens Flächen, die sehr klein sind und wo sich eine landwirtschaftliche Nutzung nicht rentiert, die nass sind oder eine besondere Pflege benötigen, weil seltene Tier- oder Pflanzenarten dort vorkommen. Diese Naturschutzflächen sind in der Regel im Eigentum der SICONA-Mitgliedsgemeinden.

### Pflegepläne als wichtige Basis

Da die verschiedenen Lebensräume unterschiedliche Anforderungen in Bezug auf die Pflege haben, muss für jede SICONA-Pflegefläche ein spezifisch angepasster Pflegeplan erstellt werden. Ein Pflegeplan beinhaltet nicht nur Anweisungen zu den Pflegemaßnahmen einer bestimmten Pflegefläche, z. B. einer Grünlandmahd, sondern auch den optimalen Umsetzungszeitpunkt der Arbeiten. Alle Pflegeflächen werden von Biologen der wissenschaftlichen Abteilung begutachtet, auf Grund fachlicher Kriterien charakterisiert, etwaige Beeinträchtigungen verzeichnet und die Pflege festgelegt. Der geeignete Pflegeplan wird auch in Bezug auf das Vorkommen der Tier- und Pflanzenarten erstellt und es wird miteinbezogen, ob sich die Fläche in einem Naturschutzgebiet mit eigenen Vorgaben befindet. Das Erfassen des Zustandes der Flächen muss regelmäßig wiederholt werden, die Pflegepläne aktualisiert und den aktuellen Gegebenheiten angepasst werden, etwa alle fünf bis zehn Jahre.

### Umsetzung der Pflegepläne

Die Pflegepläne werden dann über die folgenden Jahre vom SICONA-Pflegetrupp umgesetzt. Eine regelmäßige Pflege ist zum Erhalt der Artenvielfalt unerlässlich. Denn überlässt man die Flächen sich selbst, werden diese schnell von dominanten Pflanzenarten (z. B. Brennnesseln, Weiden, Brombeeren) einge-





nommen und verbuschen mit der Zeit. Daher ist es im Allgemeinen notwendig, Grünlandflächen (Abb. 1) regelmäßig zu mähen oder zu beweiden. Dabei darf nicht zu früh oder zu oft gemäht werden, damit die Pflanzen zur Fruchtreife gelangen können. Die Pflegepläne sehen daher eine Mahd ab Mitte Juni vor.

Stillgewässer sind unter anderem für das Überleben vieler Amphibienarten wie des Kammmolches und des Wasserfroschs (Abb. 2) sehr wichtig. Gerade diese beiden Arten sind auf offene und gut besonnte Gewässer angewiesen, weshalb verhindert werden muss, dass das Gewässer durch aufkommendes Gehölz am Ufer (z.B. Weiden) beschattet wird, mit Rohrkolben zuwächst oder verlandet. Beim Erstellen des Pflegeplans muss aber gleichzeitig auch auf die weitere Gewässervegetation geachtet werden. Kommt z. B. eine seltene Wasserpflanze in einem Gewässer vor (z. B. der stark gefährdete Einfache Igelkolben, Abb. 3), muss sehr behutsam bei den Pflegemaßnahmen vorgegangen werden.

Jede Pflegefläche (Abb. 4) hat ihre ganz eigenen Pflegebedürfnisse und benötigt daher einen speziell an sie angepassten Pflegeplan. Wichtig ist, dass die Pflegearbeiten zielführend für die seltenen Tier- und Pflanzenarten sind, aber auch arbeitstechnisch gut umgesetzt werden können.

Abb. 4: Auch in Ihrer Gemeinde pflegt SICONA nach einem eigens erstellten Pflegeplan Naturschutzflächen. Im Bild sehen Sie ein Beispiel eines Stillgewässers im Gebiet „hanner dem Reech“ in Koerich. Foto: SICONA.

SICONA

SICONA Naturschutzsyndikat





# MËNSCHEN.
# GESTALTEN.
# REGIOUNEN.

LEADER
ZENTRUM WESTEN






Mat deem neie Motto a Leitmotiv gouf de 25ten Mai den Start vun der neier LEADER-Period 2023 – 2029 zu Biissen, enger neier Partnergemeng vun der LEADER Regioun Zentrum Westen, gefeiert.

"Déi europäesch LEADER-Initiativ ass en Schlësselinstrument an der ländlecher Entwécklung an erméiglecht eng besser Liewensqualitéit am ländleche Raum", sou de Landwirtschaftsminister Claude Haagen.

"Mënsch.Gestalten.Regiounen." soll vereinfacht erkläre firwat LEADER steet : fir d'Mënschen, fir Zesummenhalt an Zesummenaarbecht, fir zesumme Verännerungen ze erméiglechen. Och wann sech déi eng oder aner Ännerung gedoen huet, soll LEADER weiderhin d'Liewensqualitéit um Land verbesseren an dëst ganz nom Bottom-Up Prinzip.

An enker Zesummenaarbecht mat de Partnergemengen an deenen ënnerschiddlechsten Associatioune fuerdert LEADER d'Kreativitéit an d'Iddie vun de Leit. Gläichzäiteg gëtt Duerfentwécklung ënnerstëtzt an och gestäerkt.

De Start vun der neier Period ass soumat och de Start fir en neit a modernt visuellt Bild no baussen. An Zukunft wäerten déi 5 LEADER-Regiounen dann ënnert deels neien Nimm, Éislek, Mëllerdall, Miselerland, Wëlle Westen & Zentrum Westen, neie Logoen an neiem Motto optrieden mee dofir mat genau sou vill Motivatioun an Engagement vun der europäescher LEADER-Initiativ, déi vum Landwirtschaftsministère koordinéiert gëtt, ënnerstëtzt ginn.

An der LEADER Period 2014 – 2022 goufen an deene 5 Regiounen 157 Projete fir 17,6 Millioune Euro duerchgefouert. Dës Projete weisen dann och, dass LEADER an deene verschiddenste Beräicher täteg ass, vun der Landwirtschaft a regionale Produite bis zu Tourismus, Sozialem, Kultur a Weiderbildung.

Hutt och Dir eng Projetsiddi oder gitt gäre méi gewuer iwwert de LEADER-Programm an Ärer Regioun/ Gemeng, da mellt Iech um lw@letzebuergwest.lu oder besicht eisen Internetsite www.leader.lu.

LEADER

# Biergerforum
# KONSUM

• Mëttwochs, den **11. Oktober 2023**
vun 19:00-21:00 Auer *(Accueil: 18:45)*

## Projektioun vum Film „Eng Äerd“

De Film „Eng Äerd“ weist Mënschen, déi sech zesummen di fir mat vill Kreativitéit nei Weeër auszeprobéieren, fir méi sënnvoll a solidaresch mat eisen natierleche Ressourcen ëmzegoen.

**Umeldung bis den 6. Oktober 2023**

• Dënnschdes, den **7. November 2023**
vun 19:00-21:00 Auer *(Accueil: 18:45)*

## Informatiounsowend
## Wéi eng Bäihëllef fir Äre Projet?

Trefft Äre Klima-Agence-Beroder an entdeckt déi finanziell Hëllefen, fir e méi klimafrëndleche Liewensstil.

**Mat Visitt vum Gebai!**

**Umeldung bis den 2. November 2023**

**Wandhaff, Gebai Solarwind**
um 4. Stack - 11-13, Rue de l’Industrie
L-8399 Windhof Koerich

• Donneschdes, den **19. Oktober 2023**
vun 19:00-21:00 Auer *(Accueil: 18:45)*

## Workshop
## Bewosst konsuméieren - Dat kann ech machen!

Zesumme gëtt eist eegent Konsumverhalen ënnert d’Lupp geholl a gekuckt, wéi kleng Schrëtt am Alldag grouss Auswierkungen op eis Ëmwelt hunn.

**Umeldung bis den 13. Oktober 2023**

**Stengefort, Al Schmelz**
Rue Collart, L-8414 Steinfort



**Online-Umeldung:** activites.steinfort.lu
Käerch: 288 355 200 | Stengefort: 399 313 1

Commune de KOERICH
Commune de Steinfort
CENTRE for ECOLOGICAL LEARNING LUXEMBOURG the transition hub
KlimaPakt – Meng Gemeng engagéiert sech fir d’Klima
NaturPakt – Meng Gemeng engagéiert sech fir d’Natur
klima agence

# Jugendhaus Käerch







## „Oppe fir all Jugendlechen tëscht 12 a 26 Joer. All Freideg gëtt am Jugendhaus gekacht“

Mir bidden all de Jugendlechen tëscht 12 a 26 Joer e Kader, wou si hir Fräizäit verbrénge kënnen a sech perséinlech an altersgerecht kënne weiderentwéckelen. Duerch eng sozialpädagogesch Begleedung an duerch gemeinsam oder individuell Reflexioune gi Wäerter, Kompetenzen an Ausdrocksméiglechkeete vermëttelt. D'Haaptzil an engem Jugendhaus ass et, dem Jonke bei sengem perséinleche Wee zum Erwuessegin ze begleeden a seng Plaz innerhalb der Gesellschaft ze fannen.

**D'Jugendhaus ass zoustänneg fir:**

- Eng sënnvoll Fräizäitgestaltung
- Informatioune weiderleeden
- Eng Präventiounsaarbecht
- Eng Orientéierung (Stagen, Schoul, Aarbecht)
- Eng non-formal Bildung

Zudeem bitt d'Jugendhaus verschidden Aktivitéiten a Projeten iwwert d'Theme Sport, Gesondheet, Konscht,Kultur asw. un.

**Intern Hausreegelen vum Jugendhaus:**

- Respekt a Vertrauen
- Vandalismus, Gewalt a Respektlosegkeet si verbueden.
- De Konsum, Besëtz oder Handel vun Drogen an Alkohol, Glécksspiller a Wetten oder aner illegal Aktivitéite sinn am Jugendhaus verbueden.

Eise Motto ass

## „Iwwerlee zweemol, éier s de urteels.“

### Kontakt

PINTO Caty
621 823 717
caty.pinto@croix-rouge.lu

### Adresse

7, rue de l'École,
L-8358 Goeblange
26 10 83 09

### Sozialen Medien

Facebook:
Sara Caty Jugendhaus Kaerch

Instagram 1:
jugendhaus_kaerch

### Ëffnungszäiten

| | |
|---|---|
| Méindes | Zou |
| Dënschden | 14 bis 19 Auer |
| Mëttwoch | 15 bis 20 Auer |
| Donneschden | 14 bis 19 Auer |
| Freiden | 16 bis 22 Auer |
| Samschden | 14 bis 18 Auer |
| Sonnden | Zou |

Ëffnungszäiten kënnen variéieren jee no Aktivitéit an bei Ufro kënnen och Eenzelgespréicher virun oder no den Ëffnungszäiten ugefrot ginn.

# Aktivitéiten a Projet

Jugendhaus Jugendhaus

Am Ufang vum Mount gëtt den Aktivitéitsplang vum Mount op de Soziale Medien gepost, deementspriechend kënne Jugendlecher zesumme selwer entscheede wéi hir Freizeitgestaltung soll ausgesinn. All Aktvitéiten oder Workshops baséieren sech op siewen Handlungsfelder vum non-formalen Bildungsrahmenplang:

- **Kreativitéit, Konscht an Ästhetesch**
- **Sprooch, Kommunikatioun an Medien**
- **Beweegung, Kierperbewosstsënn an Gesondheet**
- **Wäerter, Partizipatioun an Demokratie**
- **Emotiounen an sozial Bezéiungen**
- **Wëssenschaft an Technik**
- **Transitioun**

Fir all Jugendlechen ass eppes dobäi an sie kënnen duerch dëst Angebot néi Saachen entdecken.

All Freide gëtt zesumme mat de Jonken gekacht a giess.

Spontan Iddien vun Aktivitéiten wéi z.B. Bakaktivitéiten, Spadséieren duerch Gemeng Käerch oder an de Mëllerdall sinn ëmmer häerzlech wëllkomm.







# Wichteg Informatiounen

**Jugendhaus bitt och eng Hëllefsstellung a ville Beräicher, wéi z.B. bei den Hausaufgaben, Sich no enger Stage - oder Aarbechtsplaz, Gestaltung vun engem Curriculum Vitae an Motivatiounsbréiwer an nach a ville aner Beräicher.**

**Jugendhaus huet och eng Zesummenaarbecht mat dem Team Psy-Up, deementspriechend kënnen Jugendlecher och bei zwee Psychologen Hëllef froen.**

# Avis au public

# Facture électronique



## Un geste écoresponsable & citoyen

**Plus informations**
***Mehr Infos:***

**Recette communale**
**facturation@koerich.lu**
**288 355 /-235 ou -222**

## Souscrivez à la facture électronique

Dans un effort de simplification administrative et d'utilisation plus soigneuse des ressources, vous pouvez recevoir vos factures de la commune de Koerich sous forme électronique.

Pour profiter de ce service, prière de bien vouloir remplir le formulaire de renonciation à la facture papier **disponible sur notre site internet ou directement à l'administration communale.** Veuillez ensuite renvoyer l'original par courrier ou le remettre directement au service concerné.

## Erhalten Sie Ihre Rechnungen jetzt elektronisch

In unserem Streben nach administrativer Vereinfachung und einem schonenderen Verbrauch von Ressourcen freuen wir uns, Ihnen mitzuteilen, dass Sie Ihre Rechnungen der Gemeinde Koerich in elektronischer Form erhalten können.

Um dieses Angebot in Anspruch zu nehmen, bitten wir Sie, das Formular für Papier-Rechnungen auszufüllen und uns das Original entweder per Post oder persönlich im Büro zukommenzulassen.
**Das Formular ist auf unserer Internetseite sowie im Büro der Gemeindeeinnahme erhältlich.**


sigi Syndicat Intercommunal de Gestion Informatique
Recevez vos factures par email et consultez-les en un seul clic !
un geste écoresponsable & citoyen
Plus d'informations auprès du guichet citoyen de votre commune
COMMUNE DE KOERICH



# Ady's botzen Är schwarz, gréng a giel Poubelle gratis!




**13.10.2023**
- schwaarz a gréng

**15.12.2023**
- giel (Glas)

**Fir vun dësem vun der Gemeng offréierten Service ze profitéieren, stellt w.e.g. Är Poubelle den Owend virdrun eraus, bis se gebotzt ass.**

**Är Poubelle gëtt net vergiess!**

cityapp

COMMUNE DE
KOERICH

*Lued d'cityapp Koerich gratis erof*
*a bleift ëmmer um Lafenden*
*iwwer d'Aktualitéiten an Evenementer*
*an Ärer Gemeng.*

Download on the App Store

GET IT ON Google Play




***News***
*Behaalt d'Aktualitéiten*
*vun Ärer Gemeng am An*

***Report-it***
*E Problem an Ärer Gemeng?*
*Mellt et de Gemengeresponsabelen*

***Annuaire***
*Fannt d'Kontaktdaten vun Ärer Gemeng*

***Agenda***
*Verpasst keen Evenement méi*

***Déchets***
*Vergiesst ni méi d'Dreckskëscht*
*erauszestellen*

***Sondages***
*Sot Är Meenung zu verschiddenen*
*Themen déi Iech interesséieren*

***Mes notifications***
*Kritt all déi wichteg Informatiounen*
*direkt op Äre Smartphone*

**www.koerich.lu**

# Niklos-maart

zu Käerch
am Gréiweschlass

# Opruff

D'Gemeng Käerch mëscht een Opruff
un d'Hobbykënschtler fir den nächsten Niklosmaart,
**dee vum 1. Dezember bis de 3. Dezember 2023**
zu Käerch am Gréiweschlass stattfënnt.

Wann Dir interesséiert sidd,
kënnt Dir Iech bis de **13. Oktober 2023** op folgender Adress mellen.
Mat Fotoen vun Ären Artiklen. D'Plaze si limitéiert.

**Administration communale de Koerich**
**2, rue du Château / L-8385 Koerich / Tél : 288 355 200 E-mail : population@koerich.lu**

# Numéros & informations utiles

**SICA Recycling-Park**
28, Zone Industrielle
L-8287 Kehlen
30 78 38-1 (! enlèvement déchets encom. 3 jrs en avance)
**info@sica.lu**
Heures d'ouverture
Du lundi au vendredi
08:00 - 12:00 et 13:00 - 18:00
Samedi: 8:00 - 15:30

**OFFICE SOCIAL REGIONAL**
11, rue de Kleinbettingen
L-8436 Steinfort
28 22 75 - 1
**social@osrsteinfort.lu**

**SERVICE D'INCENDIE**
C.G.D.I.S - Corps Grand-Ducal
Incendie & Secours
**En cas d'urgence: 112**
4977- 11
**info@112.public.lu**

**SAPEURS Pompiers Koerich**
**info@ciskoerich.lu**
Chef du corps: Pit MECKEL
**pit.meckel@ciskoerich.lu**

**SYNDICAT DE CHASSE**
**Juegdlouse/Lot de chasse: 401; 402; 429**
Catherine Cloos
691 344 544
**weydert.cloos@gmail.com**

**Juegdlouse/Lot de chasse: 403; 430; 431**
Léon Mathieu
**hathile@pt.lu**

**PAR ÄISCHDALL**
**Presbytère**
4, route de Luxembourg
L-8440 Steinfort
/répondeur: 39 00 58
www.aischdall.cathol.lu
**aischdall@cathol.lu**

Couvent Clairefontaine
+32 63 24 01 99

Pater TURMES Nico (curé modérateur)
+32 63 24 01 99

**HOPITAL INTERCOMMUNAL STEINFORT**
399 491-1

**REPAS SUR ROUES**
399 491-1
**repas-sur-roues@his.lu**

**SECHER DOHEEM**
**Service Téléalarme**
26 32 66
**secherdoheem@shd.lu**

**PHARMACIES**
**Capellen**
Heures d'ouverture
Du lundi au vendredi
8:30-18:30

**Kehlen**
Heures d'ouverture
Du lundi au vendredi
8:30-12:15 & 13:45-18:00
Samedi: 8:30-12:00

**Steinfort**
Heures d'ouverture
Du lundi au vendredi
8:00-12:00 & 13:30-18:30

**BUREAUX DE POSTE**
8002-8004

**Steinfort**
Heures d'ouverture
Du lundi au vendredi
8:00-12:00 & 13:30-17:00
399 211 21

**Capellen**
Heures d'ouverture
Du lundi au vendredi
8:00-18:00
30 00 57 21

**CREOS**
**Dépannage & Urgence**
**24h/24-7j/7**
Electricité: 8002-9900
Gaz naturel: 8007-3001
**Infoline 07h00-17h00**
2624-2624
**info@creos.net**

**POLICE LËTZEBUERG**
**En cas d'urgence: 113**

**Commissariat Capellen / Steinfort**
21A, rte d'Arlon
L-8310 Capellen
Tél. : 244 30 1000
**police.capellensteinfort@police.etat.lu**

**CID & PASSEPORT - Renouvellement**
**Carte d'identité**
>= 15 ans: 14€
>= 4 < 15 ans: 10€
>= 2 < 4 ans: 5€
Bénéficiaire: TS-CE CTIE
LU44 1111 7028 7715 0000 (CCPL)

**Passeport**
>=4 ans: 50€ / <4 ans: 30€
Bénéficiaire: Bureau des Passeports
LU46 1111 1298 0014 0000 (CCPL)

**PROXIBUS**
Du lundi au vendredi
7:00 - 19:00
Samedi: 9:00 - 19:00

**Réservation**
8002 72 00 (nr gratuit)

**NIGHTRIDER**
Le vendredi et le samedi:
18:00 - 05:00

Réservation jusqu'à 60 minutes avant l'heure de départ avec une Night Card valable, une carte de crédit ou Digicash sur **www.nightrider.lu**

Renseignements
help@nightrider.lu
900 71 010

**Impressum**

**Editeur**
Schäfferot

**Redaktioun**
Gemeng Käerch
Käercher Veräiner

**Design**
Service des Relations Publiques

**Fotoen**
Photoclub Käerch
Service des Relations Publiques

**Drock**
Imprimerie Heintz
15, rue Robert Krieps
L-4702 Pétange